N°454
Entrée le 23.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°454 vum 12. Mäerz 2024 vum honorabelen Députéierten Marc Georgen**

**Fro 1**

Operationell Detailer zu der interner Organisatioun vun der Police ginn aus policetaktesche Grënn net ëffentlech gemaach. Den Déploiement vum Dispositif spécial war an der Chamberskommissioun vum 23. Januar 2023 „à huis clos" presentéiert ginn.

Esou wéi ech an der Äentwert op déi parlementaresch Fro Nummer 445 präziséiert hat, wäerten vum Mount Mee u keng Agente méi aus de Policeregiounen Norden, Zentrum-Osten a Süd-Westen néideg si fir d'Patrullen an der Stad Lëtzebuerg am Kader vum Policedispositif ze ënnerstëtzen. E netto Renfort vun 90 Agente wäert et erlaben ab Mee d'Kommissariater vun der Stad Lëtzebuerg, esou wei och aner Kommissariater a national Unitéiten an Servicer vun der Police ze verstäerken. Den Dispositif spécial, dee säit dem 15. Januar 2024 en place war, gëtt duerch dëse Renfort opgehuewen.

Verschidde Buergermeeschteren hate mech direkt ugeschriwwen an ech konnt hinne versécheren dass den Dispositif de Base vu Patrullen op hire Kommissariater zu all Moment assuréiert war an och dass, am Verglach, matt der selwechter Period vun 2023, d' Strofdoten erofgaange sinn an hire Gemengen.

Ech well och nach betounen dass en Envoi vun Agenten am Kader vu Spezialdispositifer näischt Neies an och näischt Ongewéinleches ass an drop hiweisen, dass et net Usus ass, fir d' Buergermeeschteren ze informéiere wann d'Policekommissariat zäitweileg eng Hand mat upake geet op eng aner Plaz.

Schlussendlech sief betount, dass d'Regierung sech als Prioritéit ginn huet d'Police weider personell opzestocken.

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden